N°2640
Entrée le 08.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premierminister, vum Aarbechtsminister a vun der Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2640 vum 22. Juli 2025 vun den honorabelen Deputéierten Jeff ENGELEN an Dan HARDY iwwert « Sanctions administratives ».**

**<u>Fro N°1 :</u> Kënnen administrativ Strofe weiderhi verhaang ginn, och wann opgrond vun hirem potentiell strofrechtleche Charakter de Risiko besteet, datt si vum Cassatiounsgeriicht spéider opgehuewe ginn?**

Fir dem Rechtsprinzip „Ne bis in idem" Rechnung ze droen, huet d'Cassatiounsgeriicht an engem Urteel festgehalen, dass eng Persoun, där eng administrativ Geldstrof opgrond vum Artikel L. 572-4 vum Aarbechtsgesetzbuch wéinst der illegaler Beschäftegung vu Staatsbierger aus Drëttstaaten ouni Openthaltsgeneemegung verhaange gouf, net nach eng Kéier fir déi selwecht Tatsaache strofrechtlech ka bestrooft ginn.

Administrativ Geldstrofe kënnen awer weiderhi verhaang ginn, well dës Geldstrofen un d'Entreprise als juristesch Persoun geriicht sinn an am Fall vu Circonstances aggravantes, gëtt de Verantwortleche vun der Entreprise, als natierlech Persoun, no dem Artikel L. 572-5 vum Aarbechtsgesetzbuch strofrechtlech bestrooft.

Dem Rechtsprinzip „Ne bis in idem" gëtt domat am Kader vun den Artikele L. 572-4 an L. 572-5 vum Aarbechtsgesetzbuch Rechnung gedroen.

**<u>Fro N°2 :</u> Gëtt dem Rechtsprinzip „Ne bis in idem", deen och vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun héichgehale gëtt, am Aarbechtsrecht net genuch Rechnung gedroe beim Ausschaffe vun den Artikele 572-4 a 572-5?**

Wéi an der Äntwert op Fro N° 1 ausgeluecht.

**<u>Fro N°3 :</u> Kann e Minister och an Zukunft administrativ Strofe verhänken, wuelwëssend, datt d'Verhänke vun dëse Strofen net konform zum Prinzip vun der Gewaltentrennung kéint sinn?**

E Minister ka weiderhin administrativ Geldstrofe verhänke wann dës kloer ofgegrenzt si vu méiglechen strofrechtleche Sanktiounen, a wéi hei am spezifesche Fall, kann den Aarbechtsminister domat och an Zukunft weiderhin no dem Artikel L. 572-4 vum Aarbechtsgesetzbuch wéinst illegaler Beschäftegung vu Staatsbierger aus Drëttstaaten ouni Openthaltsgeneemegung eng administrativ Geldstrof verhänken.

**<u>Fro N°4 :</u> Huet d'Regierung schonn déi néideg Analyse gemaach, fir dës Problemer an Zukunft ze evitéieren? Wa jo, si scho Léisunge fonnt ginn? A wa jo, wéini kéinten déi der Ëffentlechkeet virgestallt an an d'Rechtspraxis implementéiert ginn?**

D’gesetzlech Bestëmmungen erlaben et weiderhin administrativ Geldstrofen a strofrechtlech Sanktioune kloer ofgegrenzt unzewenden, jee nodeem ob d’Entreprise als juristesch Persoun oder de Verantwortleche vun der Entreprise, als natierlech Persoun, betraff ass.

Lëtzebuerg, den 8.August 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN